N°883
Entrée le 24.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 883 vum 13. Juni 2024 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Alexandra Schoos.**

*1. Goufen déi zwou Motiounen, esou wéi vun der Madamm Gesondheetsminister ugekënnegt, mëttlerweil am Regierungsrot diskutéiert?*

Jo.

*2. Wéi e Gremium ass bis ewell mat de Virbereedungsaarbechte beoptraagt?*

De Service juridique vum M3S huet d'Ausaarbechte vun der loi santé publique op sengem Aarbechtsplang stoen.

*3. Wéi soll sech den eigentlechen Expertegrupp ("groupe d'experts indépendants"; Motiounvum 23.3.2023) herno zesummesetzen, virun allem och, fir de Charakter vun der Onofhängegkeet vun dësem Grupp ze garantéieren? Wéi eng Experten aus wéi enge Beräicher goufe bis ewell gefrot, ob si wëlle matschaffen? Wéi eng Vertrieder vu gesellschaftleche Gruppe solle mat um Dësch sëtzen?*

D'Motioun vum 2. Mee 2024 seet am considérant "rappelant sa motion introduite en date du 23 mars 2023 adoptée à l'unanimité, invitant le Gouvernement à charger un groupe d'experts indépendants de faire une évaluation des différentes mesures prises dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 et à élaborer, dans les meilleurs délais, une "Loi pandémie" ". Des Motioun vum 2. Mee invitéiert dann awer d'Regierung am Kader vun der future „Loi santé publique" een Inventaire ze maachen "de toutes les mesures prises pour lutter contre la propagation du virus, y compris les confinements, les restrictions de voyage, les campagnes de vaccination et l'impact sociétal des mesures ", ouni nach emol op d'Noutwendegkeet vun engem onofhängegen Expertegrupp hinzeweisen. Duerfir ass de Moment och net virgesinn sou een Expertegrupp anzesetzen.

Den Inventaire deen an der Motioun vum 2. Mee 2024 ugeschwat gëtt, wäert sech prioritär op bestoend Dokumenter baséieren a, wann néideg, zousätzlech Donnéeë recherchéieren, opstellen an auswäerten.

*4. Läit en Dokument vir, dat d'Missioun(en) vun dësem Expertegrupp definéiert? Wa jo: Ass dëst Dokument am Sënn vum gesamtgesellschaftleche Charakter vun där Aufgab ëffentlech zougänglech? Falls net, bis wéini a wou?*

Nee.

*5. Wéi eng finanziell Ressourcë sollen dem Expertegrupp zougeduecht ginn, a wéi eng personell Ënnerstëtzung soll hinnen zur Säit gestallt ginn?*

Keng, well jo net virgesinn ass sou ee Grupp anzesetzen.

*6. Ass virgesinn, d'Sëtzunge vun dësem Grupp live ze iwwerdroen oder an enger ëffentlech zougänglecher Mediathéik ze archivéieren, oder gëtt sech op Rapporte beschränkt?*

Net relevant well jo d'Asetzen vun sou engem Grupp net virgesinn ass.

*7. Wéi eng Dokumenter sollen zougänglech gemaach ginn? Gehéieren dozou sämtlech Dokumenter, esou wéi se op Basis vum Artikel 75 vun där neier Verfassung fir d'Chamber virgesi sinn? Notamment och d'"Vaccine order forms", vu datt dës schonn e puer Mol vu Vertrieder aus eisem héijen Haus ugefrot goufen an hir Fuerderungen duerch e Bréif vum 27. November 2023, vum Här Chamberspresident un den Här Staatsminister bestätegt goufen?*

Ass och net relevant well jo net virgesinn ass ee Grupp anzesetzen, also ipso facto och net muss bestëmmt ginn zu wéi engen Dokumenter sou ee Grupp misst Accès kréien.

Lëtzebuerg, den 21. Juni 2024

Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez